N°3477
Entrée le 13.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus a vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro N°3477 vum 15. Januar 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra Schoos.**

1) **Gouf d'Méiglechkeet vun enger terroristescher oder militärescher Attack op eis Energieinfrastruktur am Kader vum Projet 380 mat berécksiichtegt? Falls jo, wéi eng Conclusioune goufen doraus gezunn? Falls net, firwat net?**

   Am Risikopräventiounsplang Lëtzebuerg[1] gouf deen Zenario „Physesch Attack op kritesch Anlagen" analyséiert an als ee vun deene relevantste Risikozenarien fir d'Land Lëtzebuerg identifizéiert. Dorun uschléissend, an an enker Zesummenaarbecht mat de kompetente Ministèren an dem HCPN, developpéiert Creos Sécherheetskonzepter, déi sech ënnert anerem och op de Projet 380 uwenden, fir de Stroumsystem souwäit wéi méiglech virun esou Geforen ze schützen.

2) **Kéint d'Regierung sech virstellen, déi nei 380KV-Leitunge vun der CREOS aus Sécherheetsgrënn ënnerierdesch ze leeën an d'Präisdifferenz aus dem Militärbudget ze finanzéieren? Falls net, firwat net?**

   D'Optioun fir déi nei 380kV Leitung ënnerierdesch ze verleeën, gouf nieft aner Optiounen am Kader vun der Ëmwelt- an Impaktetude[2] am Detail analyséiert (Kapitel 3.2.6). Nieft engem méi groussen Impakt op d'Ëmwelt an engem däitlech méi héije Käschtepunkt weisen Erdkabelen och bedeitend technesch Nodeeler op, déi och sécherheetsrelevant sinn. D'Maintenance vun esou Kabelen ass méi opwänneg, a falls e Schued entsteet, sinn d'Feelersich an d'Reparaturaarbechten däitlech méi zäitintensiv a komplizéiert. Zousätzlech ass d'Liewensdauer vun esou Kabelen am Verglach zu Freileitungen ongeféier ëm d'Hallschent reduzéiert.

   Op Basis vun dëser Analyse gouf decidéiert, de Projet mat Freileitungen an net mat Erdkabelen ze realiséieren.

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN

---

[1] https://meco.gouvernement.lu/dam-assets/le-ministere/fonctions/energie/electricite/20260116riskpreparednessplan-lu-final-public.pdf

[2] https://environnement.public.lu/content/environnement/fr/emweltprozeduren/evaluation-incidences-eie/projets_eie/2019/97708_Creos_Hochspannung_Bofferdange_Aach.html